CSV
FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Februar 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 FEV. 2019
377

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vum Sport weider ze leeden.

Säit enger Zäitche gëtt iwwer déi exorbitant Präisser fir de Parking vum Centre National Sportif et Culturel „d'Coque" diskutéiert.

Et ass effektiv esou datt bei enger ganzer Rei vu sportlechen Evenementer, vill Elteren sech beschwéieren datt si deier musse fir de Parking bezuele wann si hir Kanner ob Sportsmanifestatiounen, déi meeschtens de Weekend stattfannen, an der Coque begleeden.

D'Regierung huet an hirem Programm 2018-2023 annoncéiert datt an der Coque de Sport erëm d'Prioritéit viru Concerten an anere Manifestatioune soll kréien.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Deelt de Sportminister d'Meenung datt mir an Zäite vun enger Penurie vu Benevollen am Sport a vun engem Mangel u Beweegung vun eise Kanner a Jugendlechen, op esou Sportsmanifestatiounen an der Coque, esou héich Präisser fir de Parking net rechtfäerdege kënnen?
- Wa jo, gedenkt d'Regierung ze intervenéieren datt d'Präisser ugepasst ginn, respektiv fir all Benevoller an och d'Eltere vu Mannerjärege Sportler de Parking gratis gëtt?
- Wann nee, ass d'Regierung der Meenung datt déi Decisioun färderlech ass fir d'Leit fir de Sport ze begeeschteren?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt épouse Kemp
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 MARS 2019

Luxembourg, le 25 mars 2019

**Objet : Question parlementaire n°377 du 15 février 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt épouse Kemp au sujet du Parking de la Coque**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse de Monsieur le Ministre des Sports à la question parlementaire n°377 de l'honorable députée Nancy Arendt épouse Kemp.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

**Réponse du Ministre des Sports Dan Kersch à la question parlementaire de l'honorable Députée Nancy Kemp-Arendt au sujet du parking au Centre National Sportif et Culturel « d'Coque ».**

An hirer Froe iwwer d'Parkingstariffer an der Coque referéiert déi honorabel Deputéiert sech op den Regierungsprogramm, wou effektiv Folgendes drasteet:

«*Inauguré en 2002, le Centre National Sportif et Culturel d'COQUE est devenu en seulement quinze ans un outil incontournable pour le sport scolaire et fédéral au Luxembourg. L'attrait qu'il dégage en fait presqu'une victime de son propre succès, d'où la nécessité d'un recentrage sur ses missions primaires dans l'intérêt primordial du sport national au-delà de toute considération de nature commerciale. A cet égard, ensemble avec les représentants du milieu sportif, une discussion approfondie sera menée sur le mode de fonctionnement et la politique financière du «Centre National et Sportif -d'Coque», en particulier dans le cadre de l'organisation des manifestations et évènements fédéraux et de la mise à disposition du centre à des fins d'entraînement.*»

Ech kann der honorabeler Deputéiert elo schonn versécheren, dass éischt Gespréicher mat Vertrieder vun der Coque stattfonnt hunn, an dass verschidden Upassungen am Sënn vum Regierungsprogramm och schonn gemaach gi sinn an Anerer nach wäerte kommen.

Als Minister sinn ech der Meenung, dass den Manktem u Bénévolen an u Beweegung een déifgräifenden Problem vum Fonctionnement vun eiser Gesellschaft duerstellen. Speziell wat den Bénévolat ubelaangt, verweisen ech déi honorabel Deputéiert gären op de Regierungsprogramm dee virgesäit, dass den Bénévolat onersetzbar ass fir den Sport an dofir och weiderhin wäert ënnerstëtzt ginn. Dësweideren wäert d'Regierung eng Gesamtstrategie entwéckelen fir den Bénévolat weiderhin ze fërderen.

Ech warnen och virdrun, fir simplistesch Vermëschungen vum Problem vum Bénévolat oder Manktem u Beweegung mat aner Problematiken ze maachen. Elteren an Automobilisten queesch duerch d'Land beschwéieren sech iwwer Parking deen ze bezuelen ass. Et ass also net ee Problem vu Parking virun Sportsinfrastrukturen am Allgemengen oder vun der Sportsinfrastruktur Coque am Besonneschen, mee et ass ee Problem vum Zesummespill vu Mobilitéit, ëffentlechem Transport an Individualverkéier insgesamt am Land, deen hei opgeworf gëtt. De Problem vum Parking ass quasi iwwerall den nämmlechten. Et ass ee raren Objet, et gëtt der net genuch an dofir sinn Gemengen, Staat an "Etablissements publics" dozou iwwergaang, bezuelbaren Parking anzeféieren fir sécher ze stellen, dass déi mat ëffentlechen Suen geschaaffen Parkplazen nët vun Dauerparker zougesat an esou zweckentfriemt ginn.

Déi Situatioun stellt sech genau esou ënnert anerem bei der nationaler Sportsinfrastruktur Coque. Wat elo spezifesch dee Parking ubelaangt, esou muss een emol kloerstellen, dass d'Fixatioun vun den Parkingspräisser vum Parking Coque 1 eng Kompetenz vum Verwaltungsrot vun der Coque ass, déi als "Etablissement public" eng eegen „personnalité juridique" huet.

Dësweideren muss een präziséieren dass, no Informatiounen vun den Vertrieder vun der Coque, den Parking Coque 1 elo am Ganzen 247 Plazen (dorënner 6 fir Behënnerter) huet, deen dann zu den bestehende Konditiounen, fir jiddereen disponibel ass, also och fir Leit déi d'Installatiounen vun der Coque net benotzen, wat dann och den Grond war, firwat de Präis pro Stonn deemools op 3 € fixéiert ginn ass. Ech well op dëser Plaz allerdéngs och déi honorabel Deputéiert op d'Äntwert vum 24. Oktober 2017 vum mengem Virgänger ob hier Fro an eben dëser Thematik erënneren.

Esou sinn am Laf vun der Zäit scho vill Upassungen un der Tarifstruktur vun der Coque gemaach ginn:

- Fir d'Sportler an Traineren vun de Verbänn ass de Parking insgesamt gratis,
- Niewent dem „Kiss & Go" kënnen d'Elteren déi op hiert Kand, wat trainéiert, waarden, hiren Ticket gratis validéiert kréien,
- Am Kader vum Schoulsport ass den Parking och gratis fir d'Sportsproffen oder Chargés de Coursen,
- D'Klienten, déi d'Infrastrukturen vun der Coque benotzen, kënnen vun 3 Stonnen gratis Parking profitéieren.

Wat elo Sportsmanifestatiounen ubelaangt, esou huet de Verwaltungsrot vun der Coque Partenariater am Beräich vum Parking mat aneren Institutiounen ausgehandelt. Esou stinn, de Weekend, de Verbänn fir d'Sportler, Arbitteren, Jugen oder weider Fräiwëlleger 50 Plazen an der Chambre de Commerce, an 80 Plazen um Parking vun Eurocontrol gratis zur Verfügung. Déi betreffend Fraisen iwwerhëlt d'Coque.

Dësweideren ass och virun all gréisser Sportsmanifestatioun eng Versammlung zwëschen den Vertrieder vun der Coque an der jeeweileger Federatioun wou ënnert Anerem den Thema vum Parking ugeschwat gëtt. D'Verbänn fannen och um Intranet vun der Coque detailléiert Informatiounen zu dëser Thematik.

Esou gëtt do zum Beispill och op déi grouss Parkingen um Kierchberg higewisen, déi mam ëffentlechen Transport gudd erreechbar sinn.

Bleift nach ze soen, dass de Verwaltungsrot vun der Coque kierzlech d'Präisser vum Parking Coque 1 an der Woch ab 17 Auer, respektiv de Weekend an d'Feierdeeg, op 2 € pro Stonn fixéiert huet.

Ech ginn awer ganz gären zou, dass déi absolut ideal Léisung, déi jidderengem Satisfaktioun gëtt, nach net fonnt ginn ass, wahrscheinlech well et se net gëtt. An well ech d'Begeeschterung an den Asazwëllen vun Dausenden vu Bénévolen kennen, deen wäit iwwert d'Bezuelen vun engem Parkingsticket erausgeet, ginn ech d'Hoffnung net op, dass des Leit deenen d'Land ee grousse Merci schëlleg ass, Verständnes fir d'Situatioun entwéckelen a sech an hirem Engagement net bremse loossen.